N°726
Entrée le 14.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.05.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

An der Chamberssitzung vum 28ten Februar 2024 gouf eng Question élargie zur Digitalisatioun an de Schoule gestallt. An der Äntwert ass de Minister op d'Coursë vum Coding am Fondamental an op d'Digital sciences am Enseignement supérieur agaangen. A senger Äntwert huet de Minister erkläert, dass d'Zil vum Coding am Enseignement fondamental wier, fir de Kanner een algorithmescht Denken ze vermëttelen an hinnen domat ze weisen, wéi si ee grousse Problem léise kënnen, andeems si Schrëtt fir Schrëtt virginn a mat méi klenge Problemer usetzen, respektiv op méi klengen Ebenen ufänken. Dëse Cours misst dann och net onbedéngt mat der Hëllef vun engem digitalen Outil gehale ginn an d'Léierpersonal hätt vum Ministère eng Rei Informatiounen a Material kritt.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi gesinn d'Formatioune vum Léierpersonal am Enseignement fondamental fir de Coding konkret aus? Wéi eng Inhalter gi vermëttelt?
2. Wéi gesinn d'Formatioune vum Léierpersonal am Enseignement supérieur fir de Cours vun den Digital sciences konkret aus? Wéi eng Inhalter gi vermëttelt?
3. Gëtt bei der Formatioun vum Léierpersonal op digital Outilen zréckgegraff? Wa jo, kann heibäi awer och nach ëmmer op analoogt Material zréckgegraff ginn, wëssend, dass de Cours herno an de Schoulen och ouni digital Outilen dierf ofgehal ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten